Lëtzebuerg, den 1. August 2025

# Fir eng Unerkennung vum Staat Palästina

Zënter dem 7. Oktober 2023 huet de Konflikt tëscht Israel an der Hamas an der Gazasträif méi wéi 56.000 Mënscheliewe gefuerdert a Stand haut sinn nach ëmmer 49 Geisele vun der Hamas, an iwwer 9.000 Palästinenser an israeelescher Gefaangenschaft.

Et ass kloer: d'humanitär Situatioun an der Gazasträif ass inakzeptabel. Déi illegal Blockad vun humanitärer Hëllef an d'Instrumentaliséierung vun humanitäre Mëttel duerch Israel stelle bewosst Verstéiss géint internationaalt Recht duer, wéi reegelméisseg vun der UNO, dem Internationale Geriichtshaff, Reuters an ONGen dokumentéiert. Laut UNO Instanzen besteet an der Gazasträif de Risiko vun engem méigleche Genozid.

Iwwer 600.000 Palästinenser leiden ënner Ënnerernärung. Dat verurteele mir kloer. Déi international humanitär Hëllef muss séchergestallt sinn an am Gazasträif ukommen. Déi militäresch Campagne vun Israel ass disproportionéiert. Déi massiv zivil Zerstéierung, d'Bombardéiere vu Spideeler, d'Blockad vu Liewensmëttel, an déi héich Zuel un Affer, dorënner vill Kanner a Fraen, sinn net ze entschëllegen a gi géint d'Prinzippie vum humanitäre Recht.

No bal zwee Joer Konflikt, Verstéiss géint déi international Rechtsuerdnung vun der israeelescher Regierung, an engem terroristeschen Ugrëff vun der Hamas, muss dréngend eng nohalteg Léisung am Noen Osten fonnt ginn. Fir d'Fräiloossung vun de Geiselen ze erreechen, Stabilitéit an der Regioun nees hierzestellen, an der Zweestaateléisung méi nozekomme muss konkreten Drock op all Acteur an der Regioun gemaach ginn, an notamment op déi israeelesch Regierung.

Fir Friddensverhandlunge brauche béid Säiten international Unerkennung. Soulaang nëmmen Israel als Staat unerkannt ass, kann et keng Diskussioun op Aenhéicht ginn. **Dofir ruffe mir als véier Jugendparteien d'Regierung op, am September, zesumme mat Frankräich, Groussbritannien, Kanada, Australien an 12 anere Länner bei der UNO-Vollversammlung Palästina als Staat unzeerkennen, mat de Grenze vu virun 1967.** Dëse Schrëtt soll och erlaben een demokrateschen a rechtsstaatleche Staat a Palästina ze schafen ouni Hamas.

Iwwer 147 Länner op der Welt hunn dëse Schrëtt gemaach. De Moment ass komm, fir dass och Lëtzebuerg déi wichteg Mesure matdréit a sech demonstrativ fir de Fridden a fir d'Recht op Selbstbestëmmung vum palästinensesche Vollek asetzt.

Mir verurteelen all Form vu Gewalt. Déi terroristesch Attacke vun der Hamas de 7. Oktober 2023 mat 1.195 Doudegen an Israel, genausou wéi d'Handlunge vun der israeelescher Arméi, déi Zéngdausende vun zivillen Affer an der Gazasträif verursaacht hunn. D'Reegele vum internationale Recht gëlle fir jiddereen, a Lëtzebuerg muss e Verfechter vun dëse Reegelen a Wäerter bleiwen.

**CSJ, Jonk Demokraten, déi jonk gréng, Jonk Sozialisten**